N° 122/2021

# FUN & FRIENDS

NEWS VUM SCOUTSBIERG



GRENG SCOUTEN A GUIDEN ASBL
www.grengscouten.lu

ONLINE !
Versioun 19.06.

fnel scouts & guides

GRENG SCOUTEN DIDDELENG Luxembourg

# FNEL calendrier 2020/2021 cogro 11062020

| 2020 | | | | 2021 | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **September** | **Oktober** | **November** | **Dezember** | **Januar** | **Februar** | **März** | **April** | **Mai** | **Juni** | **Juli** | **August** |
| 1 Di | 1 Do | **1 So** JF SC/EX | 1 Di | **1 Fr** JF | 1 Mo 5 | 1 Mo 9 | 1 Do | **1 Sa** JF | 1 Di | 1 Do | **1 So** |
| 2 Mi | 2 Fr | 2 Mo SC EX | 2 Mi | **2 Sa** | 2 Di | 2 Di | 2 Fr | **2 So** | 2 Mi | 2 Fr | 2 Mo eurojam 31 |
| 3 Do | **3 Sa** | 3 Di LX SC EX | 3 Do | **3 So** | 3 Mi codir | 3 Mi codir | **3 Sa** | 3 Mo 18 | 3 Do | **3 Sa** | 3 Di eurojam |
| 4 Fr | **4 So** | 4 Mi LX BV | 4 Fr | 4 Mo 1 | 4 Do | 4 Do | **4 So** | 4 Di | 4 Fr | **4 So** | 4 Mi eurojam |
| **5 Sa** | 5 Mo 41 | 5 Do LX BV | **5 Sa** | 5 Di | 5 Fr | 5 Fr | **5 Mo** JF 14 | 5 Mi codir | **5 Sa** | 5 Mo 27 | 5 Do eurojam |
| **6 So** | 6 Di | 6 Fr LX BV | **6 So** | 6 Mi codir | **6 Sa** BB | **6 Sa** | 6 Di | 6 Do | **6 So** | 6 Di | 6 Fr eurojam |
| 7 Mo cogro aglaf | 7 Mi codir | **7 Sa** LX BV | 7 Mo 50 | 7 Do | **7 So** BB | **7 So** | 7 Mi | 7 Fr | 7 Mo 23 | 7 Mi codir | **7 Sa** eurojam |
| 8 Di | 8 Do | **8 So** | 8 Di | 8 Fr | 8 Mo 6 | 8 Mo 10 | 8 Do | **8 Sa** CP/SP RAID | 8 Di | 8 Do | **8 So** eurojam |
| 9 Mi | 9 Fr SC EX | 9 Mo 46 | 9 Mi codir | **9 Sa** BB | 9 Di | 9 Di | 9 Fr | **9 So** JF CPSP BFD | 9 Mi codir | 9 Fr | 9 Mo eurojam 32 |
| 10 Do AG EF | **10 Sa** LX | 10 Di | 10 Do | **10 So** BB EX Sport | 10 Mi IC | 10 Mi IC | **10 Sa** 1.Klass Exbrevet | 10 Mo 19 | 10 Do | **10 Sa** Pow-Wow | 10 Di eurojam |
| 11 Fr | **11 So** LX | 11 Mi codir | 11 Fr | 11 Mo 2 | 11 Do réunion semestrielle | 11 Do | **11 So** 1.Klass Exbrevet | 11 Di | 11 Fr | **11 So** Pow-Wow | 11 Mi eurojam |
| **12 Sa** equip'it | 12 Mo 42 | 12 Do | **12 Sa** | 12 Di | 12 Fr | 12 Fr | 12 Mo 1.Klass Exbrevet 15 | 12 Mi IC | **12 Sa** | 12 Mo 28 | 12 Do eurojam |
| **13 So** JDC | 13 Di | 13 Fr | **13 So** | 13 Mi IC | **13 Sa** | **13 Sa** BB | 13 Di 1.Klass Exbrevet | **13 Do** JF | **13 So** Mayka difference | 13 Di | 13 Fr eurojam |
| 14 Mo 38 | 14 Mi IC | **14 Sa** TC EX HIKE | 14 Mo 51 | 14 Do CP CF | **14 So** | **14 So** BB | 14 Mi IC | 14 Fr | 14 Mo 24 | 14 Mi IC | **14 Sa** |
| 15 Di | 15 Do CP CF | **15 So** TC | 15 Di | 15 Fr | 15 Mo 7 | 15 Mo 11 | 15 Do | **15 Sa** | 15 Di | 15 Do | **15 So** |
| 16 Mi | 16 Fr | 16 Mo 47 | 16 Mi IC | **16 Sa** TC | 16 Di | 16 Di | 16 Fr | **16 So** RV | 16 Mi IC | 16 Fr | 16 Mo 33 |
| 17 Do CF | **17 Sa** jota | 17 Di | 17 Do | **17 So** TC | 17 Mi | 17 Mi cogro | **17 Sa** | 17 Mo 20 | 17 Do CP CF | **17 Sa** | 17 Di |
| 18 Fr | **18 So** joti | 18 Mi IC | 18 Fr Winter wonderland | 18 Mo 3 | 18 Do | 18 Do | **18 So** | 18 Di | 18 Fr | **18 So** | 18 Mi |
| **19 Sa** rentrée scoute | 19 Mo 43 | 19 Do CP CF | **19 Sa** | 19 Di | 19 Fr | 19 Fr | 19 Mo 16 | 19 Mi cogro | **19 Sa** fest vun der natur | 19 Mo | 19 Do |
| **20 So** | 20 Di | 20 Fr | **20 So** | 20 Mi cogro | **20 Sa** | **20 Sa** SC EXPLO | 20 Di | 20 Do | **20 So** fest vun der natur | 20 Di mowglica | 20 Fr RV |
| 21 Mo 39 | 21 Mi | **21 Sa** | 21 Mo 52 | 21 Do | **21 So** | **21 So** | 21 Mi | 21 Fr | 21 Mo 25 | 21 Mi mowglica | **21 Sa** RV |
| 22 Di | 22 Do | **22 So** | 22 Di | 22 Fr | 22 Mo 8 | 22 Mo 12 | 22 Do CP CF | **22 Sa** | 22 Di fête nationale | 22 Do mowglica | **22 So** RV |
| 23 Mi | 23 Fr | 23 Mo 48 | 23 Mi | **23 Sa** TC TB | 23 Di | 23 Di | 23 Fr | **23 So** | **23 Mi** JF | 23 Fr mowglica | 23 Mo 34 |
| 24 Do | **24 Sa** | 24 Di | 24 Do | **24 So** TC | 24 Mi | 24 Mi | **24 Sa** Sixplo MC BB | **24 Mo** JF 21 | 24 Do | **24 Sa** mowglica | 24 Di |
| 25 Fr | **25 So** | 25 Mi cogro | **25 Fr** | 25 Mo 4 | 25 Do CP CF | 25 Do CP CF | **25 So** Sixplo MC BB | 25 Di | 25 Fr | **25 So** mowglica | 25 Mi |
| **26 Sa** | 26 Mo 44 | 26 Do | **26 Sa** | 26 Di | 26 Fr | 26 Fr | 26 Mo 17 | 26 Mi | **26 Sa** RV | 26 Mo 30 mowglica | 26 Do |
| **27 So** | 27 Di | 27 Fr | **27 So** | 27 Mi | **27 Sa** roverquiz | **27 Sa** | 27 Di | 27 Do | **27 So** | 27 Di | 27 Fr |
| 28 Mo 40 | 28 Mi | **28 Sa** | 28 Mo 53 | 28 Do | **28 So** | **28 So** | 28 Mi | 28 Fr | 28 Mo 26 | 28 Mi | **28 Sa** |
| 29 Di | 29 Do | **29 So** | 29 Di | 29 Fr | | 29 Mo 13 | 29 Do | **29 Sa** | 29 Di | 29 Do | **29 So** |
| 30 Mi | 30 Fr | 30 Mo 49 | 30 Mi | **30 Sa** city trip | | 30 Di | 30 Fr | **30 So** | 30 Mi cogro | 30 Fr | 30 Mo 35 |
| | **31 Sa** SC EX | | 31 Do | **31 So** city trip | | 31 Mi codir | | 31 Mo 22 | | **31 Sa** | 31 Di |

# Layout vun der Zeitung


Dir fannt all eis Aktivitéiten dem Datum no. E Pictogramm weist wat fir eng Branchen drun deelhuelen.

Hei eis Pictogrammen an hier Bedeitung:


Biber


Wëllefcher


Scouten a Guiden


Explorer


Rover


Grizzly



Eltren


Cheffen

*Les textes et explications en langue Française sont représentés en italique après les textes luxembourgeois.*









# Covid-19 Informatiounen

Moien léif Elteren,

Fir d'Gesondheet vun all eisen Memberen ze garantéieren, wollten mir iech op déi néi Reegelen hiweisen.

- D'Wëllef, d'Scouten, d'Explorer an d'Cheffen mussen eng Mask an der Reunioun undoen
- D'Elteren sollen och eng Mask undoen, wann si hier Kanner bréngen
- Kanner déi am Isolement oder an Quarantän sinn, mussen doheem bleiwen

Fir d'Reuniounen gëllen ab dem 22.02 folgend Reegelen:

- Fir d'Biber an d'Wëllef sinn d'Reuniounen elo ëmmer vun 14:00-16:00
- Fir d'Scouten an d'Explorer sinn d'Reuniounen ëmmer vun 16:00-18:00

Duerch déi verschidden Auerzäiten vermeiden mir eng ze grouss Usammlung vun Leit op eisem Site.

- Dir musst är Kanner elo ëmmer per SMS beim Branchechef (Nummer steet hannen op der Zeitung) umellen bis spéitstens 1 Stonn virun der Reunioun, fir dass mir eis besser kënnen organiséieren an preparéiere.
- Kanner déi net ugemellt sinn, mussen mir leider heem schécken.
- D'Kanner mussen an Gruppen vun 10 opgedeelt sinn, dofir wäerten mir vill mat Posten schaffen an grouss Spiller evitéieren.
- Wann mir eppes organiséieren wou et z'iessen an ze drénken gëtt, setzen just maximal 4 Leit un engem Dësch.
- D'Reuniounen wäerten sou wäit wéi et geet dobaussen statt fannen, dofir dot är Kanner onbedéngt dem Wieder entspriechend un.
- Aktivitéiten mat Iwwernuechtung sinn méiglech nemmen mat test.

Falls sech eppes un den Moossnamen änneren sollt, kritt der eng Mail vun eis. Dowéinst vergiesst net virun den Reuniounen oft genuch är Mailen kucken ze goen.

Mir soen iech Merci fir äert Versteesdemech an sinn eis sécher, dass mir mat ärer Zesummenaarbecht d'Sécherheet kënnen garantéieren an nach vill flott Reuniounen kënnen maachen.

Chefs de Groupe
Gréng Scouten a Guiden Diddeleng

# *Informations Covid-19*

*Bonjour chers Parents,*

*Pour assurer le bien-être de tout le monde, il y a quelques règles à suivre :*

- *Les louveteaux, les scouts, les explorers et les chefs doivent porter un masque pendant la réunion*
- *Les parents doivent porter un masque quand ils ramènent leurs enfants*
- *Les enfants qui se trouvent en isolement n'ont pas le droit de venir dans les scoutes*

*Pour les réunions, nous avons dès le 22.02 les consignes suivantes :*

- *Pour les castors et les louveteaux les réunions sont de 14:00-16:00*
- *Pour les scouts et les explorers les réunions sont de 16:00-18:00*

*Avec les nouvelles horaires nous évitons les rassemblements nombreux sur notre site.*

- *Vous devez inscrire vos enfants par SMS chez le chef de branche (le numéro se trouve à la dernière page du journal) au plus tard une heure avant chaque réunion. Ainsi nous avons la possibilité de mieux nous organiser et préparer.*
- *Les enfants qui ne sont pas inscrits, doivent malheureusement rentrer à la maison*
- *Les enfants doivent être regroupés à dix. Voilà pourquoi, nous allons travailler avec des postes et éviter de faire des Grand-jeux.*
- *Si nous faisons quelque chose à manger ou à boire, les enfants vont se mettre à 4 à une table*
- *Les réunions se déroulent pour la plupart du temps dehors, donc les enfants doivent mettre des vêtements correspondants au temps.*
- *Les activités avec nuitées sont possible seulement aves un teste.*

*Si il y a des changements, on va vous le communiquer par Mail. Veuillez s.v.p vérifier vos Mail avant chaque réunion.*

*Merci pour votre compréhension et nous sommes sûrs qu'avec votre coopération nous puissions garantir la sécurité et faire des réunions géniales.*

*Chefs de Groupe,*
*Gréng Scouten a Guiden Diddeleng*

# Zeitung Fun and Friends ONLINE !

Moien léif Elteren an Gruppememberen,

Doduerch dass mir ofhängeg sinn vun den reegelméissegen Ännerungen vun der Regierung bei den Covid-Mesuren, hunn mir décidéiert och dëss Ausgab vun der Zeitung nemmen Online als PDF ze ver-schecken an nët ausgedruckt postalesch. Mir kënnen esou besser an méi séier reagéieren an kënnen iech schnell eng aktualiséiert Ausgab schecken wann néideg.

Mir soen iech Merci fir äert Versteesdemech!

Dëst Zeitung ass dann awer déi läscht Online-Ausgab. Ab dem nächsten Scoutsjoer begréissen mir iech nees mat enger ausgedrucktener Versioun mat villen schéinen Fotoen déi dann nees bei iech doheem an d Bréifboîte kënnt.

Chefs de Groupe






# ??wousst dir schon??

Mir sinn och um Internet ze fannen!

[www.grengscouten.lu](www.grengscouten.lu)

Hei ginn et ëmmer aktuell Informatiounen an et kann een och den Fun & Friends kucken goen. Sou huet een seng Zeitung ëmmer an der Täsch!




Op Facebook sinn mir och:

[https://de-de.facebook.com/grengscouten/](https://de-de.facebook.com/grengscouten/)

Hei wiweisen mir och Fotoen vun Aktivitéiten

[www.scoutcenter.lu](www.scoutcenter.lu)

Eisen Home kann een och lounen! D'Locatioun, all Detailer zum Home, eng Präislëscht, e Kalenner mat de fräien Datumer an och e Kontaktformular fënnt een hei op eisem neien Site




Hei e puer kleng Andreck!





## 19. Juni

Dës Versammlung probéiere ma zesummen am Haff verréckt Experimenter aus, dofir kuckt fir 14:00 um Bierg ze sinn, wou är Elteren iech da rëm um 16:00 kenne siche kommen.

Haut gëtt et Zäit vir eppes neits, mir ginn zesummen Vëlo fueren. Vir dëst treffen mir eis um 14 Auer mat Helm, Hännercher an Vëlo natierlech. Wann s du keen Vëlo hues dann kuck vir der vläit een bei dengen Kolleegen aus ze léinen, mir kennen der leider keen bereet stellen. Deng Elteren kennen dech dann um 16 Auer sichen kommen.

*Aujourd'hui nous faisons le cycliste. Ainsi, tu dois venir avec ton vélo et tout ton équipement de 14:00 heures à 16:00 heures sur notre site.*

Well et sou schéint Wieder ass maachen mir haut flott Spiller op der Wiss.

Haut spillen mir lauter kleng verschidden Spiller op der Wiss also do dem Wierder ugepasste Kleeder un an bréng vill Motivatioun mat. D'Reunioun ass vun 16:00 Auer bis 18:00 Auer.

# Freiden 25. Juni | Assemblée Générale

D'Generalversammlung vum Grupp an déi vum Verwaltungsrot ass Freides, den 25. Juni 2021 ëm 19:30 op der grousser Wiss beim Home.
Mir invitéieren heimadder all Effektiv- an Éiremember vun de Grénge Scouten a Guiden Diddeleng A.S.B.L an d'Memberen vum Comité Protecteur vun eiser Associatioun häerzlech op eis Assemblée Générale. Desweidere sinn d'Memberen vu Les Amis des Gréng Scouten a Guiden Diddeleng A.S.B.L och op hir Assemblée invitéiert. Eis aktiv Memberen si gebieden an Uniform ze kommen.

Hei fannt dir den Ordre du Jour vun der Assemblée vum Groupe :
1. Begréissung an Aktivitéitsbericht vum Chef de groupeVanessa Him
2. Aktivitéitsbericht vun de Branchen duerch d'Branchecheffen
3. Finanzbericht vum Trésorier
4. Rapport vun de Keesserevisoren
5. Diskussioun vun de Rapporten
6. Bestätegung oder Neiwal vu Posten an/oder Revisoren
7. Virstellung vum Zukunftsprogramm duerch de Chef de groupe
8. Éierung vu laangjährege Memberen
9. Usprooch vun de Vertrieder vun der Gemeng
10. Usprooch vun de Vertrieder vun der FNEL

Hei fannt dir den Ordre du Jour vun der Assemblée vum Verwaltungsrot:
1. Begréissung vun der Presidentin Tania Benassuti
2. Aktivitéitsbericht vun der Sekretärin Nadine Schummer
3. Finanzbericht vum Trésorier Christian Ewerard a Rapport vun de Keesserevisoren
4. Virstellung vum Zukunftsprogramm
5. Divers

Mir freeën eis iech all erem ze gesin!





# 26. Juni

Haut steet en Trëppeltour duerch de Bësch um Programm, wou mir Deieren a Beem kenneléieren. D' Versammlung dauert vu 14:00 Auer bis 16:00 Auer a ganz wichteg Rendez-vous ass an der Le'h um Parking beim Restaurant.

Fir haut hunn mir eis eppes ganz Flottes iwwerluet, mir maachen eng riseg Wasserschlacht. Wann s du eng Waasserpistoul hues, kanns du di gären matbréngen. Ganz wichteg denk un Ersatzgezei, deen ganzen Spaass dauert vun 14:00 Auer bis 16:00 Auer.

*Ce samedi, nous faisons de 14:00 heures à 16:00 heures une bataille d'eau. Tu dois apporter des vêtements de rechange et si tu en as un, un pistolet à eau.*

Haut ass et bëssen méi extra, du muss däin Vëlo matbréngen well mir ginn een Tuer op d'Haart fueren. Wann du keen Vëlo hues probéier een ze léinen bei engem Kolleeg oder enger Fréndin. WICHTEG! Versammlung um 15 Auer un an se ass um 18 Auer fäerdeg

Mir ginn dësen Samschden op een klengen Tour. Et waarden puer Iwwerraschungen op Iech also do gutt Schong un an bréng däin Bidon Waasser mat.
D' Reunioun ass vun 16:00 Auer bis 18:00 Auer.





# 3. Juli

Haut maache mir zesumme mat de Wëllef eng Sortie. Dofir hal der däin Dag vun 9:30 Auer bis 16:30 Auer fräi. Wat mir elo scho kenne verroden ass, dass de fir Mëttes en Picknick brauchs. All weider wichteg Informatioune kréien deng Elteren nach per E-Mail geschéckt.

Haut maachen mir zesummen mat den Biber eng Sortie. Dofir hal dir däin Dag vun 9:30 Auer bis 16:30 Auer fräi. Wat mir elo schonn kënne verroden ass , dass du fir Mëttes Picknick brauchs. All wieder wichteg Informatiounen kréien deng Elteren nach per Mail geschéckt.


*Aujourd'hui nous faisons une sortie ensemble avec les castors. Ainsi, tu dois réserver de 9:30 heures à 16:30 heures ta journée. On peut déjà dire que tu auras besoin de pique-nique, les autres informations vont être ennoyées par mail à vos parents.*

Fir eis leschte Versammlung vun dësem Joer maachen mir flott Waasserspiller fir eis vun dem waarmen Wierder ofzekillen. Dofir kommen vun 16 Auer bis 18 Auer op den Bierg

Et ass leider déi läscht Explorerversammlung. Mir treffen eis haut dann vir d' lescht um Bierg vun 16:00 Auer bis 18:00 Auer. Mir schwätzen e bëssen wéi dir äert Joer fonnt hutt. Dir kennt eis een Feedback ginn. Zum Schluss gëtt zesummen nach eppes giess.




## Sonden 11. Juli | POW WOW Challenge Edition



Informatiounen zum Oflaf vum Pow-Wow!

Et ass glaich Juli an de Pow-Wow ass déi läscht Aktivitéit vum Scoutsjoer. Honnerte Beaver, Wëllefcher, Scouten, Explorer, Rover, Tembo a Cheffen gesinn sech eng läschte Kéier éier d'grouss Vakanz ugeet. Wat giffe mer net alles ginn fir all zesummen op engem Site de Schluss vum Joer ze feieren…. Nach e besse Gedold, 2022 klappt et bestëmmt erëm.

No enger digitaler Versioun 2020, ass et dëst Joer un enger Challenge-Edition.

Wéini: Sonndes, den 11. Juli 2021

Wou: Bei eis um Bierg , all Scoutsgrupp am Land sicht sech seng Platz selwer eraus

Oflaf: Den Dag ass an zwee grouss Bléck gedeelt

Bloc 1: 9h30 – 12h00 fir Biber a Wëllefcher

Bloc 2: 14h00- 17h15 fir Scouten an Explorer

Rover, Tembo a Cheffen 9h30 – 17h15

Präis: Frais de participation: 0€

UMELLEN: Jidfereen muss sech wanneschglift bis den 10.JULI bei dem jeweilegen Branchecheffen umellen. D' Telefonsnummeren stinn op der leschter Säit.

Rover, Tembo a Cheffen mellen sech beim Vanessa un.

## Zesummen un d'Zil

D'Challengen aus den eenzelne Branchen si wichteg fir herno kënnen un d'Zil ze kommen. D'Beaver an d'Wëllefcher maachen den Ufank an d'Scouten an d'Explorer fueren Mëttes do weider a sollen um 17h15 d'Zil ereecht hunn.

D'Rover, d'Tembo an d'Cheffen hunn e puer Challengen nëmme fir sech déi sech iwwert de ganzen Dag wäerten zéihen






VELOSBUTTIK




Jack Wolfskin

# Kontakter

**Méindes bis Freides : ab 18h**

**Chef de Groupe**
HIM Vanessa — vanessahim.gs@gmail.com
621 729 143

**Chefs de Groupe adjoints**
SCHMIT Marc — marcschmit@gmail.com
691 940 929

BEIDLER Max — max.beidler@gmail.com
621 379 208

LEICK Christophe — grengscouten@gmail.com
+49 152 220 992 87

**Secrétaire**
LEICK Christophe — grengscouten@gmail.com
+49 152 220 992 87

**Trésorière**
NIELES Danièle — dnieles@pt.lu

**Responsable Biber**
STEFFEN Maksim — greng.biber@gmail.com
621 544 792
WELTER Finn
661 668 855

**Responsable Wëllefcher**
HIM Melanie — gs.wellefcher@gmail.com
621 520 242
SCHULER Nicolas
621 181 474

**Responsable Scouten a Guiden**
DONDELINGER Léonie — gs.scouten@gmail.com
691 292 805

**Responsable Explorer**
HELFRICH Max
621 741 049

**VERWALTUNGSROT Location**
**Les Amis des Greng Scouten a Guiden asbl** — scoutcenter.lu


**REDAKTIOUN**
Branchecheffen

**LAYOUT**
LEICK Christophe

**DROCK**
Fondatioun Kräizbierg
Oplag: 250 Stéck

erschéngt bis 6x am Joër

**IMPRESSUM**
Gréng Scouten a Guiden ASBL
B.P. 3 L-3401 Dudelange

Tél.: +352 51 1998
www.grengscouten.lu
grengscouten@gmail.com

BCEELULL LU94 0019 1300 5562 5000